N°2954
Entrée le 29.09.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 30.09.2025
Chambre des Députés

DEMOKRATESCH PARTEI
Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

Här Claude WISELER
Chamberspresident
LËTZEBUERG

Lëtzebuerg, den 29. September 2025

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un Här Finanzminister weiderzeleeden:

„Am Kader vun der järlecher Steiererklärung vun de physesche Persoune kënne benevol schaffend Leit, wéi z.B. Dirigente vu Museksgesellschaften oder Trainer vu Sportsassociatiounen hir Revenuen deelweis steierlech befreit kréien. Dës begrenzte Befreiung läit aktuell bei 5.000 Euro an ass zanter Joren net méi ugepasst ginn (vgl. Circulaire L.I.R. 91/2 vum 11. Juni 2012). De Benevolat ass awer schonn eng gutt Zäit an der Kris a vill Veräiner doen sech schwéier, Dirigenten, Trainer, Organisten an aner Benevollen ze rekrutéieren, woubäi de finanziellen a steierleche Volet och eng, wa sécherlech net déi eenzeg Ursaach dierft sinn, firwat sech manner Leit a Veräiner engagéieren.

An deem Kader wollt ech dem Här Finanzminister follgend Froe stellen:

- Wéi vill Persoune kommen de Moment hei am Land an de Genoss vun dëser steierlecher Moossnam? Ass et méiglech si jee no Beräich a Funktioun opzedeelen (Kultur, Sport, …)?
- Wéi héich ass den „déchet fiscal“, dee fir d'Staatskeess mat dëser Befreiung verbonnen ass?
- Ass den Här Minister bereet fir, vläicht am Kader vum neie Budgetsgesetz, de Montant vun dëser steierlecher Befreiung ëm wéinstens 1.500 Euro ze héijen, fir sou der Präisdeierecht aus de leschte Jore Rechnung ze droen?“

Mat déiwem Respekt,

André BAULER
Deputéierten

Groupe Parlementaire du Parti Démocratique
9, rue du St. Esprit • L-1475 Luxembourg
Tel: 22 41 84 1 • dp@chd.lu • www.dp.lu